

Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. John Schummer), MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Simone Beissel), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Emile Calmes) et John Schummer;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Georges Wohlfart), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jos Scheuer), Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. Jean Colombero (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira (par M. Jean Huss), Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

A voté non: M. Serge Urbany.

Gett d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da kéime mer zur Lecture an zum Vote vun deenen zwee anere Projeten. Ech wollt dorop opmierksam maachen, den Här Minister Frieden huet émdisponéiert; wéinst der Wichtegkeet vum Gesetz wëllt en awer dobäibleiwe bei der Lecture vun den Artikelen a beim Vote. Ech menge mir erkennen dat un. Et si wierklech wichteg Gesetzer, déi elo nach hei ofgestëmmt ginn. Mir kommen dann zur Lecture vum Gesetzesprojekt 5104.

13. 5104 - Projet de loi relative au mandat d'arrêt européen et aux procédures de remise entre États membres de l'Union européenne (suite)

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 37 si gelies an ugehall.

Dir Dammen an Dir Hären, elo géinge mer dann zur Ofstëmmung vum virleiende Projet iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthal sech.

De Projet de loi 5104 ass ugeholl mat 46 Jo- an 13 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Théo Stendebach), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par Mme Simone Beissel), MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Jeannot Belling), MM. Jean-Paul Rippinger et John Schummer;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Ma-

dy Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jos Scheuer), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké).

Ont voté non: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Gett d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

14. 5199 - Projet de loi relative à la titrisation et portant modification de

- la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier

- la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier

- la loi du 27 juillet 2003 sur le trust et les contrats fiduciaires

- la loi modifiée du 4 décembre 1967 relative à l'impôt sur le revenu

- la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune

- la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée (suite)

Da kéime mer elo zur Lecture vum Projet de loi 5199.

Lecture du texte du projet de loi (par MM. Jean Spautz et Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 91 si gelies an ugehall.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de virleiende Projet 5199.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthal sech.

De Projet de loi 5199 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen an enger Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par Mme Nancy Arendt), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Théo Stendebach), Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Claude Meisch), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Gusty Graas) et John Schummer;

MM. Jean Asselborn (par M. Mars Di Bartolomeo), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di

Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Georges Wohlfart), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Fernand Greisen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

A voté non: M. Serge Urbany.

Gett d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

An da kéime mer elo zur Diskussion vum Projet de loi 5205 iwwert de Centre informatique. Et sinn ageschriwwen: déi Häre Meyers, Di Bartolomeo, Greisen an Huss. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gusty Graas.

15. 5205 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 29 mars 1974 créant un centre informatique de l'État

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative

■ M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, 1964 hunn déi éischt Verwaltungen hei zu Lëtzebuerg gefrot, ob se kéinten e Computer kréien, mä just d'Post krut deemools d'Recht sech esou en Apparat unzeschaffen, awer d'Ära vun der Informatik an de staatleche Verwaltungen hat ugefaangen.

Natierlech kann een déi Équipe-menter aus de siwwenzeger an aus den achtzeger Joren net mat deene performanten Apparater vun haut vergläichen, mä si hunn awer ouni Zweifel an de Verwaltungen eng Revolutioun ausgeléist, och wéi gesot wann dat awer eng positiv Revolutioun war. 1966 huet dunn déi deemoleg Regierung décidéiert eng Etüd ze maachen, fir ze kucken awéifern déi automatiséiert Aarbechte kënnte méi zentraliséiert ginn. De 26. Abrëll 1968 ass dunn eng Kommissioun agesat ginn, déi sollt analyséiere wéi déi elektronesch Maschinnen elo sollte méi rationell an de Lëtzebuerger Verwaltungen benotzt ginn. An hirem Rapport huet dës Kommissioun sech fir en eenzelnen zentralen Ordinateur ausgeschwat, an de 4. Juni 1970 huet dunn de Conseil de Gouvernement dës Installatioun och décidéiert. Duerch d'Gesetz vum 29. März 1974 ass schlussendlech de Centre informatique de l'État geschafe ginn.

Wann am Ufank do och nëmmen 30 Leit geschafft hunn, sou huet sech allerdéngs d'Personal entremps vervéierfacht well Enn 2003 hunn do net manner wéi 123 Leit geschafft. Och de Budget ass vun 1,6 Milliounen Euro op 38,4 Milliounen Euro fir d'Joer 2003 an d'Luucht gaangen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet erlaabt et och kuerz op d'Evolutioun vun der Informatisioun an eise Verwaltungen anzegoen. Bei der véierter Bewäertung duerch d'Europäesch Unioun hu mir e Score vu 47% erreecht. Dat ass eng Progressioun vun 32% par rapport zum Resultat vun 2001 a vu 15% am Verglach zum drëtten Benchmarking vum Oktober 2002.

Dëse Projet huet als Objektiv, d'Gesetz vum 29. März 1974 iwwert de Centre informatique ofzeänneren. Et ass u sech nëmmen een Artikel an duerch dee ginn d'Artikelen 11 an 12 vum aktuelle Gesetz geännert. D'Nominatioun vum Direkter gëtt elo vun der Regierung virgeholl, an d'Konditiounen vun der Formatioun an der professioneller Erfahrung, esou wéi se am aktuelle Gesetz virgesi sinn, ginn elo fale gelooss. Enner anerem huet den Direkter vum CIE eng Expérience vu fënnef Joer an der Gestiou vun enger staatlecher Verwaltung misse virweisen. Mat der grousser Evolutioun, déi allerdéngs dëse Secteur an deene leschte Jore geholl huet, ass deementspriedend déi Konditioun haut och net méi onbedéngt noutwendeg. Et ass nämlech besonnesch an dësem Beräich ëmmer méi schwéier gi fir Spezialisten ze rekrutéieren, an dofir si mer och der Meinung, dass d'Regierung muss e gewëssene Fräiraum hunn, fir dës Nominatioun virzehuelen.

An dem aktuelle Gesetz, wat jo virgesäit, dass d'Nominatioun vum Direkter duerch de Grand-Duc geschitt, hunn nach misse folgend Konditiounen erfëllt ginn: Et huet een der Carrière supérieure natierlech vun de Chargés d'études informaticiens missen ugehéieren an et konnt een och a folgende Branche rekrutéiert ginn, der Informatik, der Économie, dem Droit oder der Mathematik. Da gëtt et awer och nach d'groussherzoglecht Règlement vum 29. Abrëll 1974, wat nach eng Rei aner Rekrutéierungsbestëmmunge festhält, déi duerch de Vote vun dësem Gesetz allerdéngs net ausser Kraaft gesat ginn.

Dëst Gesetz reit sech awer och an den Esprit vun der Regierungserklärung vum 12. August 1999 an, wou festgehal gëtt, dass de Passage vum Privatsektor an den öffentliche Sektor soll méi einfach gemaach ginn. D'Formule „la nomination en fonction de directeur est faite au gré du Gouvernement“ hat jo bei Einzelnen zu gewëssenen Aussoe gefouert. Allerdéngs muss een hei betounen, dat ass keen neien Text well e figuréiert och schonn an de Gesetzestexten iwwert d'Reorganisatioun vun der Steierverwaltung an och iwwert d'Reorganisatioun vun der Administration de l'Enregistrement.

Wat elo déi eenzel Avisen ubelaangt, sou ass d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics d'accord mam Projet, si stellt allerdéngs d'Fro, ob et gutt wär wann een en Net-Universitaire géif op dëse Postë beruffen. De Statsrot ass och net géint de Projet, mä en hätt léiwergesinn, wann een d'Missioun vum Centre informatique allgemeng adaptéiert hätt, an de Statssekretär Jos Schaack huet eis jo am Numm vun der Regierung zu dësem Awand an der Kommissioun déi néideg Erklärungen ginn, well d'Remarke vum Statsrot u sech jo nëmmen déi intern Organisatioun vum Centre informatique de l'État betreffen, an dofir bräicht ee jo net onbedéngt d'Gesetz vun 1974 ëmzeänneren.

De schrëffleche Rapport gouf den 3. März virgeluecht a géint d'Stëmme vun de Kollege vun der LSAP an dem ADR ugehall. Vu dass dat heiten awer eng wichteg Emännerung ass an déi och eng gewëssen Urgence duerstellt géing ech lech allerdéngs bidden, dem Projet de loi hei zouzestëmmen. Ech wäert och deementspriedend hei den Accord vun der Demokratescher Partei bréngen.

Ech soen lech merci.

■ M. le Président.- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Paul-Henri Meyers agedroen. Den Här Meyers huet d'Wuert.

Discussion générale

■ M. Paul-Henri Meyers (CSV).- Här President, no deenen ausféierlechen Explikatiounen vum

Här Gusty Graas, deem ech fir säi Rapport merci soen, kënne mir den Accord zu deem Projet ginn.

■ M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Mars Di Bartolomeo.

(Interruption)

■ M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mir lichter anerer Meinung ze si wéi eis zwee Virriedner. Dat Gesetz, iwwert dat mir haut diskutéieren, richt ganz staark no Favoritismus, Gënschtelengswirtschaft oder souguer faulen Tricken. Mat dësem Gesetz gëtt sech d'Regierung d'Méiglechkeet, bei der Nominatioun vum neien Direkter vum Centre informatique de l'État ze schalten an ze walten, wéi se wëllt.

Den neie lakonesche Gesetzestext seet nämlech, dass d'Regierung no Gutsdünken, no Belieben, à son gré d'Persoun op den Direkterstull ka setzen, déi ausser dass se der Regierung an de Krom passt, keng Konditiounen mussen erfëllen. Dir hutt also richtig verstanen...

(Interruptions)

■ Une voix.- Dat hutt Dir nach ni gemaach!

■ Une autre voix.- Do sidd Dir dach Spezialist!

■ M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dir hutt also richtig verstanen! Dir hutt also richtig verstanen, dass hei den Direkter net méi wéi bis elo muss Universitaire sinn a mindestens fënnef Joer Erfahrung muss an de staatleche Verwaltungen hunn. Dës Konditioun gëtt einfach ofgeschaaft! An, wéi e bësse gewitzelt gouf am „Lëtzebuerger Land“, wann een deem zukünftegen Direkter dann eng Examensfro misst stellen, da géif déi heeschen: „Bass de an der CSV, oder bass de an der DP?“

Wann Dir d'„Lëtzebuerger Land“ gelies hutt, da sidd Dir e bësse méi iwwert d'Charakteristiken, déi kéint esou een Direkter erfëllen, gewuer ginn. Unisono ass deen heiten Text op hefteg Kritik gestouss, och bei der Chambre des Fonctionnaires. Si ass dogéint, dass all Qualifikationskritäre fale gelooss ginn, an zu der Formel „au gré du Gouvernement“ iwwergaange gëtt, wat näischt anescht heescht wéi à la tête du client. Si seet, dat wär eng Formel, déi an déi däischter Period nom Mëttelalter gepasst hätt. Dat hunn ech net gesot, dat huet d'Chambre des Fonctionnaires gesot, a si huet gesot, déi Formulatioun do géif no Sonnekinnek richen. Stellt lech e vir mat enger Perréck!

(Interruption)

Bon, ech hunn ëmmer nach Schwiereregkeete fir dann un de Sonnekinnek ze denken, mä d'Chambre des Fonctionnaires huet dat an hirem Avis gemengt.

D'Chambre des Fonctionnaires huet dofir Ännerungen an deem Gesetz proposéiert, an dat am Intérêt vum Respekt vun den demokrateschen Regeln an der Transparenz, déi deene Leit ronderëm de Sonnekinnek jo anscheinend esou um Häerz läit.

D'Chambre des Fonctionnaires huet also gefrot, dass d'Qualifikatioun vum Direkter bei där vum Universitaire oder bei deem, deen Études supérieures huet, soll bleiven. Si huet och gemengt, dass ee kéint déi fënnef Joer Expérience fale loossen, mä si huet awer grad esou gemengt, dass déi Formel „au gré du Gouvernement“ net an dës Zäit erapasst. Och wa se vläicht an engem aneren Text drasteet, ass dat nach keng Ursach, fir dat erëm ze widderhuelen.

(Interruption)

Ech kommen nach dorop zrëck, Här Graas!

(Interruption)

Ech mengen net! Dir hutt lech un d'Vergaangenheet alignéiert, déi ganz rezent ass, well am Juli hutt Dir deeselwechten Trick schonn an enger anerer Verwaltung gemaach, bei der Administration de l'Environnement. Do hutt Dir genee deeselwechten Trick gemaach, well Dir een am Rucksack sëtzen hat, deem d'Qualifikatioun net hat, deem op deem dote Poste gepasst huet. Wat hutt Dir gemaach? Dir hutt net een anere geholl, mä Dir hutt den Text alignéiert, firdeen aus dem Rucksack kënnen op den Direkterstull ze setzen. Dat ass einfach.

Dir kënnt soen, dass an der Vergaangenheet och Saache gemaach gi sinn, déi vläicht duerno gericht hunn. Mä hei richt et net nëmmen duerno, Här Graas!

(Interruption)

Hei richt et net nëmmen duerno! Hei gitt Dir d'Texter manipuléieren, fir déi Leit, déi lech no stinn, kënnen op déi dote Plaz ze katapultéieren. Set mir, firwat dass Dir sou eppes soss dräi Méint virun de Wahle maacht!

Dir wëllt a Panik nach een, deem lech genehm ass, op déi heite Plaz setzen, an ech kommen nach drop zrëck, firwat dass Dir dat dote wëlles hutt. De Conseil d'État huet en ähnlechen Tenor gebraucht wéi d'Chambre des Fonctionnaires. En huet gemengt, dass et eigentlech eng komesch Operatioun wär, an enger Struktur, an enger Institution, déi genuch Problemer huet, fir där Institution nach zousätzlech Problemer ze schafen, amplaz déi reell Problemer ze léisen, amplaz Äntwerten op déi reell Problemer am Centre informatique ze ginn.

De Conseil d'État huet eppes gemaach, wat relativ selten ass. En huet gesot: „Maacht endlech Neel mat Käpp bei der Neidefinitiou vun de Missioun vum Centre informatique de l'État, bei deene sech stellende Froe bei de Strukturen!“ An de Rot vum Conseil d'État un d'Regierung: „Huel deem dote Projet nach eng Kéier op de Métier an dann ergänzt Dir e mat deene Punkten, déi wierklech wichteg sinn.“ Ech hunn d'Impressioun, dass den Här Graas als Rapporteur e ganz komesche Brëll hat...

(Interruption)

..., wéi en d'Avisé gelies huet. Ech kommen direkt nach dorop zrëck.

Ech kann allerdéngs feststellen, dass d'Regierung, de Roi-Soleil, net dem Rot vun der Chambre des Fonctionnaires gefollegt huet, net op d'Fuerderunge vun der Chambre des Fonctionnaires agaangen ass, a wéinstens d'Conditions de recrutement op engem héijen Niveau gehalen huet, an och net dem Conseil d'État gefollegt huet, dee nach wollt zousätzlech Punkten am Gesetz behandelt hunn.

Et versteet een allerdéngs d'Reaktioun vun der Regierung, wann een e bëssen zrëckbléckt a kuckt, ënnert wat fir Konditiounen dee viregten Direkter demissionéiert huet. Dat ass eis alleguerten nach an den Queren, wéi de viregten Direkter der Regierung virgeworf huet, si géif de Centre informatique de l'État démanteléieren, desintegréieren, et wär e Gemauschels, Gefréckels, e wär enttäuscht, e wär total desillusionéiert an e wär resignéiert. En huet also probéiert, nach eng Kéier bei sengem Ofgang ze soen, wat fir Problemer do sinn.

Mir wollten och e bësse méi Noes doriwwer gewuer ginn. Mir haten dunn d'Regierung oder villméi de President vun der Chamberkommissioun gefrot, ob et bei esou Accusatiounen dann net Usus wär, dass een dee Mann géif héieren an dass een em géif nolauscheren an dass een Explikatioun vun der Regierung géif kréien op déi Aussoe vun deem Mann. D'Majoritéit an der Chamberkommissioun huet do dergéint gestëmmt. Ech ka mir virstellen, firwat se et dräi Méint virun de Wahlen net zu esou engem Sträit oder esou enger Auseenaner-

setzung mat jiddferengem ukomme léisst.

D'Regierung huet e Kandidat parat, deem d'Konditiounen net erfëllt. Déi Hürden, déi hir am Wee stinn, müssen am Hauruckverfahren aus dem Wee geraumt ginn. D'Texter müssen zurechtgeréckelt ginn, an da kann dee Mann oder déi Fra nominéiert ginn. Dofir, wann d'Regierung scho weess, ween et ass, e Mann oder eng Frau, eng Persoun déi keng Qualifikatioun ze hu brauch, mä déi awer esou brillant ass, dass se eise Centre informatique de l'État, dass se eist eLëtzebuerg esou weider ka bréngen wéi mir eis dat alleguerte wënschen - an dat ass jo noutwendeg, well mir ëmmer nach an der Voiture-balai sëtze beim Tour duerch Europa -, da wär ech frou, wann den Här Statssekretär eis wéinstens géif soe wien déi selte Pärel ass. Da kéinte mir eis vläicht e Bild dovunner maachen, an da kéint en eis vläicht iwwerzeegen.

Ech si scho bal fäerdeg.

(Interruptions diverses)

Normalerweis wär dann elo d'Formule komm „an ech félicitéieren dem Rapporteur fir säin excellenté Rapport“.

■ Une voix.- Très bien! Très bien!

■ Une autre voix.- Merci.

■ M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Mä dat kann ech awer lei- der dës Kéier net soen,...

(Interruptions diverses)

...well den Här Rapporteur huet a sengem Rapport geflunkert, dass et kraacht!

■ Plusieurs voix.- Ouh? Ooohhh!

■ M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- An ech explizéiere mech. En huet behaapt, dass d'Chambre des Fonctionnaires mam Projet averstane wär! En huet dat behaapt. Dir hutt selwer héiere wat d'Chambre des Fonctionnaires zu deem dote Projet gesot huet: Ännert en, wann ech gelift. Et ass nëmmen een Artikel! Dir musst lech dat virstellen! D'Regierung huet een Artikel fäerdeg bruecht, an d'Chambre des Fonctionnaires huet proposéiert, deem Artikel gläich zweemol ze änneren.

Eischtens, doduerch dass se d'Rekrutéierungsbestëmmungen erëm erageholl huet, an zweetens, dass soll „au gré du Gouvernement“ erausgeholl ginn. Also dat ass rekordverdächtig: Zweemol en Ännerungsantrag zu engem Artikel, dat muss ee fäerdeg bréngen!

An d'Chambre des Fonctionnaires huet gesot: „Mir kéinte mat deem Text d'accord sinn, wann déi zwou Ännerungen do komm sinn.“ Wann een e bësse logesch denkt, wann déi Ännerungen net kommen, dann ass een net domadder d'accord. Also mir bleiwe logesch: D'Chambre des Fonctionnaires ass mat deem Text net d'accord, an den Här Rapporteur huet sech da ganz elegant ausgedréckt an huet gesot, de Conseil d'État opposéiert sech dem Text net.

■ Une voix.- Dat stëmmt jo och.

■ M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Och do huet en dat erëm ganz llicht interpretéiert. De Conseil d'État opposéiert sech net deem doten Text, mä e seet ganz kloer: Huel en erëm op de Métier, huel en erëm eran, well en daagt näischt, a maach eppes aus deem Text, dass en eppes daagt. Dat huet de Conseil d'État gesot! En huet net eng Opposition formelle gemaach, en huet just gesot: Regierung, Dir hutt Är Hausaufgab net anstänneg gemaach, maacht se nei. Sou kann een och soen, dass de Conseil d'État sech net opposéiert huet, an als Konkusioun wëll ech soen, dass et e ganz schlecht Gesetz ass.

Dat ass schwéier, e schlecht Gesetz mat engem Artikel ze maachen, mä Dir hutt et fäerdeg bruecht! Et ass e Gesetz mat parteipoliteschem Hannergrond, et ass déi falsch Äntwert op e reellt Problem, an e lescht Wuert just zu där zweeter Feststellung, déi de Rapporteur a sengem Rapport gemaach huet, grad wéi de Statssekretär virun him. En huet gesot, dass mer jo schliesslech an dem Onlineberäich zwar nach ëmmer déi Lescht an Europa sinn, mä dass mer awer déi gréisste Fortschréttler amgaange wäeren ze maachen, sou dass mer zwar ëmmer nach déi Lescht sinn, mä dass mer awer - an dat berouegt eis - just aus der Voiture-balai erauskomm sinn an hoffen, dass mer net um Zil eliminéiert ginn. An déi Interpretatioun, déi erageluegt ginn ass, déi gëtt awer nach e bësse méi nuancéiert wann een déi Gamme vu komplette Léisungen am Onlineberäich gesäit. Do leie mer ganz ganz wäit ofgeschloen, an do sinn déi Fortschréttler, Här Statssekretär, déi Dir an d'Vitrine gestallt hutt, iwwerhaupt net esou spektakulär,...

(Interruption)

...a fir lech wéinstens ze erspue- ren, dass Der mat deem Gesetz eppes maacht wat net gutt ass a wat e schlechten Nogeschmaach huet, well een an enger Virwahlperiod a Panikreaktioun nach wëllt ee vu senge Leit platzéieren, bréngen mir en Amendement eran, fir déi gutt Propositionen ze ënnerstëtzen, déi d'Chambre des Fonctionnaires gemaach huet an déi et der Chambre des Fonctionnaires géif erlaben, fir deem heite Projet zoustëmmen.

Här President, hei ass eisen Amendement, an ech soen lech merci.

■ Plusieurs voix.- Très bien!

Amendement 1

Le paragraphe 1. de l'article unique est remplacé par le texte suivant:

„1. L'article 11, paragraphe (1) est modifié comme suit:

„Art. 11.- (1) Le cadre du personnel du centre informatique de l'État comprend les emplois et fonctions ci-après:

a) dans la carrière supérieure de l'administration un directeur.'

2. Au point a) de l'article 11, paragraphe (1), la mention „un directeur du centre“ est supprimée.

3. Les points a), b) et c) de l'article 11, paragraphe (1) sont changés en points b), c) et d). “

- Le paragraphe 2. de l'article unique est modifié comme suit:

„(2) Le directeur, détenteur d'un diplôme de quatre années d'études universitaires ou supérieures, est nommé par le Grand-Duc sur proposition du Gouvernement.“

(s.) Mars Di Bartolomeo, Alex Bodry, Ben Fayot, Jos Scheuer, Georges Wohlfart.

■ M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

■ M. Fernand Greisen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deem Projet soll d'Regierung also fräi Hand kréien, sech deem Direkter op de Centre informatique de l'État ze setzen, dee se am beschte fënnt. D'Personalpolitik vun deser Regierung steet also zur Debatt. Dat heite Gesetz vun 1974 ass schonn eng Kéier ëmgeännert ginn. 1997 war et eng schwaarz-rout Regierung, déi mam Accord vu blo déi schlecht Personalpolitik wollt verbessern. Haut ass et eng schwaarz-blo Regierung, déi dës nach ëmmer

schlecht Personalpolitik wëllt mat anere Mëttele verbessern. 1974 huet et net geklappt, 1997 huet et och net geklappt, well dat Wichtigst vergiess gouf, eng allgemeng Reform vun eiser Verwaltung. Mir sinn eis och sécher, dass et haut trotz deem neien Usaz och nach ëmmer net klappt, well et nach ëmmer keng Verwaltungsreform gëtt.

Wa sech d'Regierung mat deem Gesetz d'Recht virbehält, den Direkter onofhängeg vum bestehende Beamtestatut kënnen ze ernennen, da beweist se jo, dass se onfäeg ass, ënnert engem rigidé System, dee se sech och nach selwer geschaaft huet, dass se sech also net an der Lag gesäit, d'Verwaltung anstänneg féieren ze kënnen, soss bräicht se dës Ausnahm net per Gesetz duerchzesetzen. Soss hätten och net all Spriecher vun den dräi Parteien, déi bis elo an der Regierung waren, ëmmer erëm op d'Noutwendegkeet vun enger Reform higewisen.

Dir Dammen an Dir Hären, wéi ech an der Chamberdebatt vun 1997 nogekuckt hunn, dunn hunn ech festgestallt, dass se all widerholl hunn, dass eng Reform onbedéngt noutwendeg wär, noutwendeg fir de Centre informatique virzebereeden op déi heiteg Erausforderunge vun der Informatiouns- a Kommunikationsgesellschaft.

(Coups de cloche de la Présidence)

Deemools, 1997, war et awer kloer, dass de Projet näischt zur Verbesserung géif bäidroen. Haut ass et d'selwecht mat deem Projet, well et eben ouni Reform net geet. Deemools huet den ADR als eenzege Grupp hei an der Chamber dogéint gestëmmt, haut gëtt et eben dofir siwe Géigestëmmen amplaz vun nëmme fënnef, a mat deeneselwechten Argumenter wéi deemools.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Motivatioun fir déi éischt personalpolitesch Emännerung vun 1997 war déiselwecht wéi haut. Eng Verwaltung wéi de Centre informatique muss an deser Zäit vu formidable Méiglechkeeten a Fortschréttler vu Systemer a Servicer op en héich qualifizéiert Personal ziele kënnen, e Personal wat um leschte Stand vun der Entwécklung ass a wat an der Lag ass, do drun ze bleiwen. Dat hunn ech 1997 am Numm vum ADR gesot an dat stëmmt och nach haut. Do muss ech dann op d'Aussoe vum Rapporteur vum Projet zrëckkommen. Mäi Virriedner huet et och gesot, de Rapporteur schwätzt vu Verbesserungen, déi d'Lëtzeburger Verwaltung am Vergläich mat aneren europäesche Verwaltunge gemaach hätt, an zwar um Gebitt vun eLëtzebuerg. Mäi Virriedner huet et gesot, mir sinn iwwerall déi Lescht am Verglach. Dir Dammen an Dir Hären, eng Verbesserung ass et och, wann ech am éischten Trimester an der Schoul nëmmen Datzen hunn an am zweeten Trimester dann hunn ech awer elo eng Genügend kritt. An do sti mer!

Zum Schluss vu menger Interventioun e puer Sätz aus menger Ried vun 1997, well se haut méi wéi jee stëmmen an dem ADR seng Meinung zu deem Projet erëmginn. D'Regierung gesäit ganz einfach keng Méiglechkeet, ënnert deem bestehende Beamterrecht d'Servicer vum Centre informatique effizient ze gestalten. D'Regierung kritt d'Servicer net anescht an de Grëff als ewéi Leit mat Zoossiss unzestrecke. Dat klappt net, d'Leit müssen anescht motivéiert ginn. Dat Ganzt ass e Constat d'échec vun der Personalpolitik beim Stat. Firwat huet de Centre informatique ëmmer méi Problemer duerch Kompetenzschwieregkeeten tëschent den eenzelne Verwaltungen?

Et ass héich Zäit, dass dës Regierung sech konkret ëm d'Veinfachung vun den administrative Virgäng këmmert an dem Kompetenzerangel ënnert de Ministèren en Ënn mécht. Mir froen den

zoustänneg Statssekretär fir d'Reforme administrative: Wou ass déi Reform drun, a sinn déi virgenannte Problemer berücksichtegt?

Ech soen lech merci.

■ M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean Huss agedroen. Den Här Huss huet d'Wuert.

■ M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll nëmme kuerz zu deemem Projet de loi hei Stellung huelen. Fir d'éischt fir ze soen, fir ze rappeléiere wat den Här Di Bartolomeo hei gesot huet wéi e vum Roi-Soleil geschwat huet. De Roi-Soleil an de Poopst, dat ware jo anscheinend Gestalten, déi infaillible waren. Als Politiker ass een net onbedéngt infaillible, an ech bezéien dat elo emol op mech selwer hei. An der Kommissiounssëtzung, wéi mer jo zu deemem Projet geschwat haten, hunn ech gesot, ech géif am Fong kee Problem gesinn, fir deemem Projet de loi zoustëmmen.

(Interruption et coups de cloche de la Présidence)

Här Di Bartolomeo, loosst Der mech vläicht schwätzen?

■ M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Jo.

■ M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- An der Kommissiounssëtzung hunn ech gesot, ech géif au vu vum Rapport vum der Kommissioun, vum Projet de rapport géif ech kee Problem gesinn, dem Kommissiounsbericht zoustëmmen. Ech muss allerdéngs dozou soen, well ech da feelbar sinn, dass ech verpasst hat aus Zäitgrënn d'Avisé genau ze liesen, a vu dass ech herno awer Zäit hat déi Rapporten all ze liesen, hunn ech gesinn, dass dat wat am Projet de rapport vum Rapporteur drasteet iwwert d'Avisen awer net deem entsprach huet, wat an den Avisé selwer drasteet. An dofir ass et och esou, dass mir deem Projet dann net wäerten zoustëmmen, mä dass mir eis wäerten dobäi enthalten, dass mer allerdéngs den Amendement vun der LSAP kënne matstëmmen.

Et ass nämlech esou, wann een dee Rapport kuckt, Avisé wéi se resuméiert gi si vum Rapporteur, da steet effektiv do: „La Chambre des Fonctionnaires et Employés publics marque son accord.“ Wann awer d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics selwer domadder d'accord ass a kee Problem gesäit, dann ass et net un eis ze soen, do si mir dann total dergéint.

En Zweet ass, am Conseil d'État sengem Avis steet: „Le Conseil d'État ne s'opposant pas au projet“. Dat huet eis also den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics confirméiert, dat huet also d'selwecht ausgesinn. Dunn hunn ech mer geduecht, bon, okay, dann ass keng Opposition do, da kann dat jo net esou schlëmm ginn, wa si selwer domadder d'accord sinn.

Wann een awer den Avis vum Conseil d'État an och den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics liest, da gesäit dat awer allerdéngs ganz aneschtens aus. Ech zitéieren nëmmen Schluss vum Conseil d'État sengem Rapport Kriticken, déi awer wierklech net en faveur vun deemem Projet schwätzen: „Le Conseil d'État a l'impression qu'au lieu d'instituer une organisation structurée, le Gouvernement se satisfait à mettre en place, en marge des organes prévus par la loi, des entités ad hoc, dont l'une chevauche l'autre, le tout dans un désordre parfait. Les administrations et les services publics ne sachant plus à quel saint se vouer s'adresseront de préférence à des consultants externes, dont ils font le bonheur.“

An dann nach vill méi en décisivé Saz: „Au lieu d'adapter les missions du directeur du Centre infor-

matique de l'État et son administration aux données de l'environnement informatique et aux besoins de l'administration publique, le présent projet s'emploie à abaisser les conditions de recrutement", an da seet de Conseil d'État als Konklusoun: „Compte tenu des observations qui précèdent, le Conseil d'État invite le Gouvernement à compléter le projet sous revue.“

An dat ass awer llicht eppes anescht, ech géif esouguer soe vill méi wéi llicht eppes anescht, wéi dat wat hei steet am Résumé vum Avis vum Conseil d'État, wou steet, dass e sech net géif opposéieren.

A wann ech kucke wat d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics an hirem Avis seet, ech mengen, den Här Di Bartolomeo huet et hei och schonn zitéiert, dann ass dat och net grad datselwecht wéi dat wat de Rapporteur a sengem Résumé vu sengem Avis seet. Well do steet : „La Chambre des Fonctionnaires et Employés publics marque son accord“, an hei steet awer „sous la réserve des adaptations proposées“, dat sinn der dräi, dovunner eng, d'Konditioun vum Universitaire, an zweetens och nach vun der Experienz, seet d'Chambre des Fonctionnaires „pourrait donner son aval“. Dat heescht, ënnert dräi Konditiounen kënnst se eventuell hiren Aval gin, wann déi erfëllt wieren.

Or, déi si mam Projet hei net erfëllt, esou dass effektiv d'Konditiounen vun der Stee fir eis awer anerer sinn, wéi dat an der Kommissioun de Fall war. Mir gi vläicht net esou wäit wéi dat, wat den Här Di Bartolomeo an enger Polemik hei gesot huet, dass elo d'DP hire Kandidat schonn aus der Täsch géif zéien, wann d'Gesetz gestëmmt ass. Dat ka sinn, dat kann net sinn, ech mengen, wann een am Glashauss sëtzt, oder schonn emol gesiess huet, da soll een oppassen, dass een net ze vill mat Steng gehäit. Ech bezéien dat op déi dräi grouss Parteien hei am Sall. Jidderee soll virsiichteg sinn, wann e mat Steng gehäit.

Esou wäit wëll ech also net goen, Här Di Bartolomeo!

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

■ M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Wann ech esou eng schlecht parlamentaresch Aarbecht gemacht hätt wéi Dir, da wier ech e bësse méi klenglaut! Wann Der nämlech Är Texter gelies hätt, dann hätt Der deen doten Iertum net gemaach!

■ M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Also Här Di Bartolomeo, ech hunn hei um Pult als Einleitung gesot, dass ech mech net géif zu deene Leit zielen, déi infaillible wieren, esou wéi de Roi-Soleil oder wéi de Poopst.

Ech sot, et kann ee Feeler maaachen, a mäi Feeler war, dass ech effektiv d'Avis virun der Kommissiounssitzung net am Detail gelies hat, a mech drop fiéiert hat, wat do war. Dat heescht also, ech hu selwer am Ufank dat zouginn, wat Dir mir elo ënnerstallt hutt, dass dat e Feeler war, an ech hätt se misse méi liesen.

■ M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dat kléngt esou gutt!

■ M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Dir braucht wierklech net vill, Här Di Bartolomeo!

Den Ennerscheid ass also deen, dass op Grond dovunner, dass déi Avisen an hiren Aussoen net deem entsprieche wat am Résumé vum Avis vum Projet de rapport dran ass an dass awer wierklech Bedenken do si vun der Chambre des Fonctionnaires, virun allem weinst där Geschicht vum Universitaire, déi fir mech awer wierklech problematesch ass, mer dem Projet net zoustëmme kënnen. Mir wäerten eis dobäi enthalten. A well den Amendement awer genau an déi do Richtung geet, kënnen mir natier-

lech den Amendement vun der LSAP matstëmmen.

■ M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Statssekretär Jos Schaack.

■ M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'État à la Fonction publique et à la Réforme administrative*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt emol e grouss Merci un all déi Intervenant vum haut den Owend, a ganz besonnesch wëll ech dem Rapporteur Gusty Graas merci soe fir säin excellente Rapport.

(Interruptions diverses)

Nodeem, Här President, ech allen Intervenanten zu deemem Projet mat ganz grousssem Intérêt nogelauschert hunn, sinn ech net honnertprozenteg iwwerzeegt, ob et wierklech jidderengem, an do mengen ech besonnesch verschidde Leit aus der Opposition, kloer ass, firwat d'Regierung dese Projet era-bruecht huet.

(Interruptions diverses)

Et muss een hei nämlech zwou Saachen auserneen halen. Op där enger Säit d'Organisation vun der gesamter Informatik beim Stat, an op där anerer Säit dee méi bescheidenen a begrenzten Objectif vun deemem Projet de loi, dee sech eenzeg an eleng op d'Condition de recrutement vum Gestionnaire vun enger wichtiger Statsverwaltung beschränkt.

(Interruptions diverses)

Ech explizéiere mech a fänken u mat dem Objectif vun deemem Projet de loi. Ech kommen duerno awer och nach op d'Organisation vun der Informatik vum Stat ze schwätzen.

Dir Dammen an Dir Hären, Enn September vum leschte Joer huet den deemoolegen Direkter vum Centre informatique eng Demande un d'Ministesch vun der Fonction publique gericht, fir kënnen op den Datum vum 1. Oktober a Pension ze goen. Normalerweis wär dese vakante Posten och an deemselwechte Mount ausgeschriwwen ginn. D'Regierung war awer der Meenung, dass déi bestehend restriktiv Konditiounen am Gesetz, fir op desen extrem wichtige Direkteschposte genannt ze ginn, ganz einfach net méi zäitgeméis wieren.

Ech explizéiere mech. Wann an 30 Joer Zäit - d'Kadergesetz vum Centre informatique datéiert tatsächlech aus dem Joer 1974 - nämlech eppes net stoe bliwwen ass, dann ass dat mat absoluter Sécherheet déi rasant Entwécklung vun der Informatik a vun deenen neien Technologien. An des Entwécklung bréngt ebe mat sech, dass esou eng fir de gesamte Statsapparat wichtig Verwaltung, wéi déi vum Centre informatique, en Direkter brauch, deen am Intérêt supérieur vum Stat, dat heescht, déi beschit Viraussetzung wat Ausbildung, Laufbahn, Erfahrung, Motivatioun a perséinlechen Engagement matbréngt, fir des Verwaltung optimal ze leeden.

Et geet der Regierung also hei net drëm Rekrutéierungsbedéngungen erofzesetzen, mä den Text méi flexibel ze gestalten, an et ass fir mech och kloer, dass deen zukünftigen Direkter, an elo géif ech soen, passz ganz gutt op, Här Di Bartolomeo, all déi Konditiounen muss erfëllen, déi Viraussetzung sinn, fir an der Carrière supérieure beim Stat schaffen ze kënnen.

(Interruption)

Dir hutt Referenz gemaach, dass déi Nominatioun sollt au gré du Gouvernement gemaach ginn. Ech kann lech soen, mir hunn eis inspiréiert un dräi anere grousses Verwaltungen, an och nach an engem Établissement public, well nämlech am Kadergesetz vun der Administration des Bâtiments publics vum 18. Dezember 1975 seet den Artikel 8-1 Folgendes: „La nomination aux fonctions de directeur et de di-

recteur adjoint est faite au gré du Gouvernement“. Datselwecht fannt Der am Gesetz vum Commissariat aux Assurances, wat allerdéngs en Établissement public ass, wat datéiert vum 6. Dezember 1991. Dir fannt et, Här Di Bartolomeo, och am Gesetz vun der Steerverwaltung,...

(Interruptions diverses)

..., e Gesetz vum 17. Abrëll 1964, an Dir fannt et am Gesetz vum Enregistrement, wat e Gesetz ass vum 20. März 1970. Also, dat ass guer näischt Neies. Mir ass net bekannt, dass an iergendenger vun deenen dräi Verwaltungen an dem Établissement public, deen ech elo hei genannt hunn, och wann deen Text seet „au gré du Gouvernement“, jeemools een do genannt gi wär, deen net Ressortissant vun der Carrière supérieure ass.

Et huet der Regierung dofir ganz wichtig geschéngt, dese Posten net nëmmen op Kandidaten aus dem öffentliche Secteur, eventuell aus der eegener Verwaltung ze limitéieren, mä och fir Kandidaten vun dobaussen opzemaachen. Dat entsprécht der Approche, dem Esprit vun der Regierungserklärung, déi de Passage vum Privatsektor an den öffentliche Secteur wëllt favorisieren.

Dat ass de Grond, Här President, firwat mir lech haut des Gesetzesvirlag zum Vote ënnerbreeden, an ech betounen: Dat ass och den eenzegen. Niewebäi wëll ech ënnersträichen, datt ech nom Départ à la retraite vum Direkter e Beamten aus der Carrière supérieure, ee Beamten, dee souwuel mäi wéi iwwregens der ganzer Regierung hiert vollst Vertrauen huet, mat dem Interim vun der Gestium vum Centre informatique beoptraagt hunn. Datselwecht Vertrauen zielt iwwregens och fir déi ronn 140 Leit, wann ech...

(Interruptions)

...déi détachéiert mat derbäirechen, déi am Moment am Centre informatique de l'État schaffen an an all deene leschte Joren hei eng ausgezecheent Aarbecht gemaach hunn a momentan och nach weider maachen.

Nom Vote vum Projet 5205 gétt elo de Poste vum Direkter vum Centre informatique ausgeschriwwen, an ech rechnen domat, dass mer dann och relativ schnell e géee-gente Kandidat oder eng Kandidatin wäerte fannen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer awer och e puer Wuert ze soen zu den Observatiounen vum Statsrot an zu deene Kriticken, déi haaptsächlech elo haut de Mëtte vun Oppositionssäit zu deemem Projet formuléiert goufen.

Et gouf jo gemengt, d'Regierung hätt vun der Geleeeenheet solle profitéiere fir déi ganz Organisation vun der Informatik beim Stat ënnert d'Lupp ze huelen an doduerjer där legislativer Aarbecht vill méi eng breet Basis ze ginn, wéi elo nëmmen d'Rekrutementskonditiounen fir en neien Direkter vum Centre informatique ze änneren.

Et sief dozou direkt nach eng Kéier widderholl, wat ech am Ufank scho gesot hunn, nämlech datt mer et da mat engem ganz aneren Objectif ze di gehat hätten. Dat war eben an deemem Moment guer net d'Absicht vun der Regierung. Wat nämlech déi allgemeng Organisation vun der Informatik beim Stat ubelaangt, sou beinhalt d'Gesetz vum 29. März 1974 a sengen Article 4, 5, 6, 7, 8 an 9 d'Base légale fir all méiglech organisatoresch Ännerunge virzehuelen. Et brauch een dofir net extra ze légiféieren.

Ech explizéiere mech. De Ministère de tutelle vum Centre informatique, an dat ass de Ministère de la Fonc-

tion publique et de la Réforme administrative, huet de Pouvoir des Verwaltung ze organisieren, ze dirigieren an ze orientieren. En huet ausserdeem déi politesch, finanziell an administrativ Verantwortung vum Centre informatique. D'Verwaltung selwer huet déi technesch Responsabilitéit vun hirer Aktivitéit. Wat elo déi politesch Verantwortung am Beräich vun der Société de l'information ubelaangt, esou wësst Der, datt d'Kompetenzen op deemem Gebitt tëscht dem Statsministère an dem Ministère de la Fonction publique opgedeelt sinn.

Op där enger Säit hu mer de Programm eLëtzebuerg, deen dem Minister Biltgen ënnersteet, deen och d'Commission Nationale pour la Société de l'information, kuerz CNSI genannt, presidéiert. An op där anerer Säit hutt Der dann e ganze Volet eGovernment, dee vum Ministère de la Fonction publique et de la Réforme administrative an ënnert menger Verantwortung gesteuert gëtt.

Wichtig ass awer och nach ervirzehiewen, dass d'Regierung en Audit organisationnel iwwert d'Informatik au sens large beim Stat an Opdrag ginn huet, dee vum Hierscht 2001 bis d'Fréijoer 2002 vun engem Consultant duerchgefouert ginn ass. Selbstverständlech war och hei de Centre informatique am Comité de pilotage représentiert. Den 20. Dezember 2002 huet de Regierungsrot dunn d'Recommandatiounen vun deemem Audit ugehall, déi am Résumé dorobber erauskommen, d'Décisions-, d'Exekutiouns- an d'Kontrollfouction op deemem Gebitt ënnerenaner ze trennen an opzedeelen.

Konkret ass eng nei sou genannt politesch Struktur an d'Liewe geruff ginn, déi ënnert der Leedung vum Medeminister a mir selwer d'Strategien an d'Prioritéiten um Gebitt vun der Informatik an den neien Technologie beim Stat festleet. D'Veraltungen ginn op eng dezentraliséiert Aart a Weis méi agebonnen. Dem Centre informatique seng Exekutiounsmissiounen gi prezisiert a gefestegt, an et wäert och nach spéider eng nei Kontrollfouction geschafe ginn. An et ass och an deemem Kontext, wou et wierklech dréms geet d'Weiche fir d'Zukunft ze stellen.

An hei gesinn ech e weidert wichtegt Argument, fir esou schnell wéi méiglech den neien Direkter fir de Centre informatique ze fannen an och ze nennen. Hien ass nämlech e ganz wichtige Member vun deem politesche Gremium, vun deem ech geschwat hunn, wou jo d'Strategien an d'Missiounen fir déi ganz Informatik beim Stat festgeluecht ginn. Hien huet also a senger Fouction eng ganz wichtig Roll ze spille beim Iwwergank zu där sou genannter Administration électronique opgrond vun der Marschrichtung, déi vun der Regierung festgeluecht gëtt.

Erlaabt mer ofschléissend nach dozou ze soen, dass dat politesch Gremium am Moment amgaangen ass e Plan directeur fir den Iwwergank zur Administration électronique opzustellen. Des Aarbechte ginn nach am Laf vun deemem Joer ofgeschloss, sou datt een da kann higoen a Gesetzestexter ausschaffen déi a puncto Informatik an neien Technologien och nei Regeln an der Organisation an am Fonctionnement vum Stat wäerte festleeën.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass och hei ganz kuerz de Volet eGovernment an de Benchmarking ugeschwat ginn. Ech mengen, den honorabele Gusty Graas huet do schonn deelweis dat gesot, wat ech elo net méi wëll widderhuelen. Mä ech wollt lech awer eppes aneschers soen, nämlech dass d'perséinlech immens erstaunt war, wéi ech elo an enger Zeitung gelies hunn, dass de Chamberweb och gebenchmarkt ginn ass, an zwar vun der Europa-Universität vu Florenz a vun der Universität vu Genève.

Ech kann lech nëmme soen, perséinlech hunn ech, an och Leit, mat deenen ech geschwat hunn, ëmmer nëmme positiv gesot, dass dat, wat do op där Website ass, vile Leit ganz gutt weiderhëlleft, ausser dass Verschiddener sech e bësse beklot hunn, dass do esou Saachen net drop wäeren, wéi zum Beispill, dass ee kënn kucken, wéini déi eenzel Séancé wäeren. Mä dovunner ofgesinn, fannen ech, dass dat eng excellent Website ass. D'Resultat dovunner ass allerdéngs net esou immens...

(Interruption)

..., well vu 26 Parlamenten, déi gebenchmarkt gi sinn, ass d'Lëtzebuerger Parlament dat zweetlescht. Dir gesitt also, dass d'Resultater vu Benchmarkingen oft ganz relativ sinn an dass....

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

■ Une voix.- Dat ass eng Kritik um Här Rippinger!

■ M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'État à la Fonction publique et à la Réforme administrative*.- ...an dass d'Qualitéit vun deenen eenzelne Servicer vun deem engen oder anere verschidenaarteg ausgeluecht gëtt.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Et ass an anere Wieder dat, wat ech niewebäi nach wollt soen. Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet!

(Interruptions diverses)

■ M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här President, den Här Statssekretär huet vergiess Stellung zum Amendement ze bezéien.

■ M. le Président.- Abee, mir stëmmen elo iwwer den Amendement of.

■ M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Ah, très bien. Ech wier awer frou gewiescht.

(Interruptions et hilarité)

■ M. le Président.- D'Diskussion ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies.

Amendement 1

Mir hunn een Amendement zum Article unique virleien, deen den Här Di Bartolomeo erabruecht huet. Mir stëmmen elo doriwwer of. A wann en ugehall ass, dann ass en ugehall, well wann en ofgelehnt ass, ass automatesch deen ugehall, deen de Gusty Graas am Numm vun der Kommissioun virgedroen huet.

■ M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Ech wëll just soen, Här President, hei stëmme mer géint den Antrag vun der Chambre des Fonctionnaires.

■ Une voix.- Aahhh!

■ M. le Président.- Dir maacht dat wéi Dir wëllt! Elo stëmme mer of an da gesi mer wéi dee Vote ausgeet!

(Hilarité)

D'Ofstëmmung geet elo iwwer den Amendement 1 vun de Sozialisten, deen den Här Di Bartolomeo abruecht huet.

Vote

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalten sech.

Den Amendement 1 ass ofgelehnt mat 34 Nee- a 24 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Georges Wohlfart), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par

Mme Mady Delvaux-Stehres), Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Fernand Greisen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Lucien Clement), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Patrick Santer), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber

(par M. Théo Stendebach), Marco Schank (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Norbert Hauptert), Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Simone Beissel), Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Jeannot Belling), MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Kriepps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Emile Calmes) et John Schummer.

Déi Affär ass gekläert. Da stëmme mer elo of iwwert de Gesetzesprojet 5205 wéi e virläit a wéi en duerch de Berichterstatter virgestallt ginn ass.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 34 Jo-, 18 Neen-Stëmmen a 6 Abstentionen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Nicolas Strotz), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Théo Stendebach), Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Nico Loes), Lucien Weiler (par M. Norbert Hauptert) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Simone Beissel), Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Jeannot Belling), MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Kriepps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Xavier Bettel), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Claude Meisch) et John Schummer.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Jean-Pierre Koepp), Aly Jaerling (par M. Fer-

nand Greisen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Camille Gira (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Kolleginnen a Kollegen, domadder wäre mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer a fänkt um hallwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.45 heures)

Ordre du jour

5250 - Débat d'orientation sur l'égalité des chances entre femmes et hommes: suivi des initiatives parlementaires

(Rapport de la Commission de l'Égalité des chances entre femmes et hommes et de la Promotion féminine - Débat - Motions et résolution - Votes)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; Mmes Marie-Josée Jacobs et Anne Brasseur, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.33 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendeng Matdeelung ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Op eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg hu mer eng Debatt iwwert d'Chancëgläichheet tëschent Mann a Fra. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwé bis elo déi Dammen Arendt, Err, Nagel, den Här Colombero, déi Damme Reuter, Frank, Mutsch an den Här Jaerling. D'Wuert elo de Rapporteur vun der Debatt, déi honorabel Madame Ferny Nicklaus-Faber.

5250 - Débat d'orientation sur l'égalité des chances entre femmes et hommes: suivi des initiatives parlementaires

Rapport de la Commission de l'Égalité des chances entre femmes et hommes et de la Promotion féminine

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV), rapportrice.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut, dräi Méint virum Enn vun deser Legislaturperiod, ass de Moment komm fir Bilan ze zéien, an zwar iwwert d'Aarbecht, déi an de leschte Joren zu Gonschte vun de Fraen an der Chancëgläichheet gelescht gouf.

Vill wichteg Theme sinn hei an de vergaangene Joren diskutéiert ginn, sief dat iwwert d'Fraebedeelegung bei de leschte Wahlen, d'Violence domestique, de Gender oder d'wirtschaftlech an d'sozial Situatioun vun der Fra. All dës Debat-

ten hunn intensiv dozou bäigedroen, fir d'Situatioun vun de Fraen an der Gesellschaft ze verbesseren.

Tëschent 1996 an dem leschte Joer sinn der Regierung iwwert de Wee vu Motioune méi wéi 80 Recommandatioune gemaach ginn. Wa se och net all emgesat gi sinn, sou kann een awer feststellen, dass d'Impulser zur Gläichheitspolitik vun der Chamber an der Regierung gréisstendeels hiren Nidderschlag fannen.

Ech wéilt nach eng Kéier drop opmierksam maachen, dass d'Gesetzer, déi vun der Chamber gestëmmt ginn, de Fundament vun der Gläichheet duerstellen, ouni déi d'Gläichheet sech net verwierleche kann. Ouni de legislative Wee si keng Verbesserung fir Chancëgläichheet fir ons Frae méiglech. Ouni Gesetzer kënn kee Changement.

Wéi mir mat der Preparatioun vun dësem Débat an der Kommissioun ugefaangen hunn, hu mer eis d'Fro gestallt, wéi ee Schwiéerpunkt a puncto Fraepolitik een dëst Joer belichte kéint. Well mir ons wéi scho gesot um Enn vun enger Legislaturperiod befannen, si mer zur Konklusioun komm, déi vill Aarbecht, déi an dësem Domän gelescht ginn ass, nach eng Kéier ënnert d'Lupp ze huelen. Et huet eis deemno an der Kommissioun wichteg geschéngt, dëst Joer e Suivi iwwert d'Motiounen ze maachen, déi am Kader vun de fréieren Debatten an der Chamber gestëmmt goufen. Wa mer all eenzel Motioun wëllen durchhuelen, da geet d'Zäit vun dësem Mëtteg bäi wäitem net duer. Ech wäert mech also op dat eent oder dat anert Thema focaliséieren, dat mir als besonnesch wichteg erschéngt.

Am Kader vun den Orientéierungsdebatten aus dem Joer 1997 ass et

ëm d'Fraen an der Aarbechtswelt gaangen. Haut, am 21. Jorhonnert, gëtt et um Aarbechtsmaart nach ëmmer Diskrepanzen tëschent de Geschlechter. Ee Moyen, fir d'Chancëgläichheet tëschent Fraen a Männer an der Aarbechtswelt ze promouvieren, sinn d'Mesures positives, déi duerch d'PAN-Gesetz vum 12. Februar 1999 hire legale Kader kruten. Dës Moossnamen adresséiere sech un de private Sektour a gi finanziell vum Fraeministère ënnerstëtzt, wann d'Entrepreneuren an d'Promotioun vun der Gläichheet innerhalb vun hire Betriber wëllen investéieren, zum Beispill um Niveau vum Recrutement oder der Vereenbarkeet vu Familljen a Beruff.

E gutt Beispill heifir sinn Dexia-Bil an d'Firma Siemens, déi dëst Joer mam Fraeförderungspräis vum Ministère de la Promotion féminine ausgezechent ginn, well si sech konsequent beméien, Fraen a Féierungspositiounen ze stellen. Dës Moossname si berechtigt, well d'Fraen op dem Aarbechtsmaart generell ënnerrepräsentéiert sinn, hir Carrièresperspektive bäi wäitem net esou gutt sinn, a si am Duerchschnëtt nach 12% manner verdénge wéi hir männlech Kollegen.

En anere wichteg Moyen, fir Chancëgläichheet ze promouvieren an d'Ongerechtegkeeten um Aarbechtsmaart ze eliminéieren, sinn déi vill Informatiounscampagnen, déi organiséiert ginn. De Fraeministère schafft enk mat deene verschiddenen anere Ministären zesummen, mat de Beruffschamberen, der ADEM an anere wichtege Acteuren an dësem Beräich. De Ministère de l'Éducation nationale organiséiert säit e puer Joer mat der Hëllef vu verschiddene Fraenorganisatiounen wéi zum Beispill „Femmes en détresse“, oder „Initiativ erëm schaffen“ speziell Formatiounen fir Fraen, déi op der Sich sinn no enger neier Aarbechtsplaz, a besonnesch fir déi, déi no enger längerer Ennerbriechung erëm op den Aarbechtsmaart zrëckkomme wëllen. Dës Moossnamen hunn als Zil, Fraen op der Sich no enger neier Aarbecht ze encadréieren an ze beroden.

D'Wiel vum spéidere Beruff ass ganz enk un déi schoulesch Educatioun gebonnen. De schoulesche Wee vu ville Meedercher

ass nach ëmmer op déi sou genannten typesch Fraeberuffer axiéiert. An de leschte Méint sinn eng Rei vun Informatiounscampagnë lancéiert ginn, fir de Meedercher respektiv de Fraen déi nei technologesch Kommunikatiounsmëttelen méi no ze bréngen, respektiv fir si ze encouragéieren, och a sou genannte Männerberuffer eranzegoen.

De Choix scolaire vun de Meedercher ass zu engem groussen Deel nach ëmmer klassesch an traditionell. Natierlech wierkt sech dee Choix scolaire op hir Berufscarrière a selbstverständlech dann och op hire spéidere Salaire aus. D'Kommissioun ass deemno der Meenung, dass d'Regierung sech nach méi wéi bis elo am Kader vun der professioneller Ausbildung vun de Frae misst asetzen, fir hinnen e gréissere Choix u Formatiounen unzebidden, an zwar ausserhalb vun deenen traditionelle weibliche Beruffer.

Niewent enger zolider Grondausbildung ass natierlech d'Weiderbildung och e Piller, fir am Beruff virunzekommen. Hei muss de Fraen awer och d'Méiglechkeet geschafe ginn, fir un esou Weiderbildungs-moossnamen deelzehuelen, an zwar zu Zäiten, déi och mam Familljeliewe kompatibel sinn.

Am Joer 1999 hu mer iwwert d'Fraen an de Féierungspositiounen diskutéiert. Ech wëll hei ervirhiewen, dass am öffentliche Déngscht ganz vill Effortë gemaach goufen, fir ëmmer méi Fraen op héich verantwortungsvoll Féierungspositiounen ze setzen, an zwar haaptsächlech an der Kultur an am Enseignement. Wa mir eis awer elo d'Situatioun am Privatséktour ukucken, da kënnen mir feststellen, dass Fraen, obwuel se en Taux d'activité vun iwwer 50% duerstellen, a Féierungspositiounen nach ëmmer eng Ausnahm sinn. Dës Situatioun wäert sech an Zukunft lues a lues änneren, well et sinn ëmmer méi Responsabel bereet, de Fraen hir Avantagen, wéi zum Beispill hir sozial Kompetenzen, am Hibleck op Décisiounsposten unzekerennen.

Vill Meedercher hu besser Resultater op den Universiteiten, an dach gesäit een der spéider wéineg op Décisiounsposten erëm. Et gëtt och nach ëmmer wéineg Fraen, déi hir eegen Entreprise créieren. Trotzdem ass d'Tendenz steigend. Och géllt et Iwwerzeegungs-aarbecht ze leeschten an d'Fraen ze motivéieren, sech selbstänneg ze maachen. Ech géing dofir an deem Sënn eng Motioun ofginn.

(La motion 1 sera déposée ultérieurement par Mme Nancy Arendt.)

Wa mir vu Fraen op Décisiounspostë schwätzen, komme mir natierlech net dolaanscht, och e Blook op d'Politik ze werfen. D'Tat-saach, dass d'Zuel vun de Fraen an der Chamber säit 1965 vun enger Deputéiert op zwielef eropgaangen ass, oder dass d'Frae säit 1989 ouni Ennerbriechung an der Regierung vertruede sinn, soll awer net vergiesse loosse, dass d'Politik zu engem groussen Deel nach ëmmer vu Männer dominiéiert gëtt.

Ech wëll hei nach eng Kéier drun erënneren, dass d'Kommissioun eng Rei vu Recommandatioune gemaach huet, wéi ee Fraen um politeschen Niveau fördere kéint. Bei verschiddenen Debatte goufen dofir Motiounen gestëmmt. Wéi et dunn zur Reform vum Wahlgesetz komm ass, war den ideale Kader gestallt ginn, fir dës Motiounen a Suggestiounen ëmzesetzen. Leider ass awer konkret näischt fir d'Fraen erauskomm.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir eng besser Bedeelegung vun de Fraen um Décisiounsprozess ze erreechen, gëtt et zwee wichteg Mëttelen: d'Éducatioun an d'Formatioun. D'Erzéiung ass een eischte Schrëtt an d'Richtung vu Gläichheet tëschent Mann a Fra. Si muss vu klengem un eis Kanner op eng Gesellschaft virbereeden an där Gläichheet tëschent Mann a Fra keng Theorie, mä Praxis ass. D'Jongen an d'Meedercher musse vun der Primärschoul u geléiert ginn, dass jiddfer Mënsch datselwecht wäert ass, datselwecht leeschte kann, an dass keng Aarbecht nëmme fir ee Geschlecht ass.

Op dësem Niveau ass an de leschte Jore vill geschitt. An der Stad Lëtzebuerg zum Beispill huet all Enseignant eng Formatioun vun annerhallwem Dag zu dësem Thema suivéiert. Ausserdeem ass op der Uni Lëtzebuerg zënter engem Joer e Module iwwer Pédagogie du genre an d'Formatioun vun zukünfte Léierpersonal integréiert ginn, grad wéi och d'Formation continue. D'Coursë fir dës Formation continue sinn awer leider net obligatoresch. Well déi Formatiounen, déi am Moment op der Uni Lëtzebuerg ugebuede ginn, awer hir Friichten eréischt an Zukunft wäerten droen, ass d'Kommissioun der Meenung, dass weider Effortë mussen ënnerholl gi fir d'Situatioun an de Wëssensstand vum aktuelle Léierpersonal an deser Problematik ze verbesseren.